N°7251
Entrée le 04.01.2023

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7251 vum 29. November 2022 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Déi néi provisoresch RGTR Linn 179 *Ettelbruck – Clervaux* ass den 19. September 2022 agefouert ginn. An der Haaptverkéierszäit am 30 Minutten Takt, an der Niewenverkéierszäit am 60 Minutten Takt (Avis RGTR 2022/133 vum 13. September 2022).

D'RGTR Linn 170 *Ettelbruck – Diekirch - Huldange* ass net verstäerkt ginn, fiert och an der Haaptverkéierszäit am 30 Minutten Takt, an der Niewenverkéierszäit am 60 Minutten Takt

D'RGTR Linnen 179 an 170 fueren gebündelt an offréieren doduerch an der Haaptverkéierszäit en 15 Minutten Takt an an der Niewenverkéierszäit en 30 Minutten Takt.

D'RGTR Linn 174 *Troisvierges – Heinerscheid – Hosingen* krut den 19. September 2022 zwou Faarten Moies an dräi Faarten Owes bäi (*Avis RGTR 2022/134 vum 14. September 2022*). Den 5. Dezember 2022 sinn verschidden Faarten bis op Ettelbréck verlängert gin (*Avis RGTR 2022/210 vum 23. November 2022*).

Den 17. Oktober 2022 ass den Horaire vun der RGTR Linn 146 *Wiltz – Goesdoerf – Kautenbach* ugepasst ginn fir kënnen zou Kautenbach, „Op der Gare" eng Korrespondenz op den Zuch ze maachen (*Avis RGTR 2022/181 vum 12. Oktober 2022*). Den 28. November 2022 ass d'Buskategorie op der selwechter Linn ugepasst ginn fir kënnen der Demande entgéint ze kommen (*Avis RGTR 2022/207 vum 23. November 2022*).

Den 28. November 2022 ass den Horaire vun der RGTR Linn 153 *Hosingen – Holzthum – Kautenbach* ugepasst ginn fir kënne zou Kautenbach, „Op der Gare" eng Korrespondenz op den Zuch ze maachen (*Avis RGTR 2022/208 vum 22. November 2022*).

Den 28. November 2022 ass eng néi an provisoresch RGTR Schülerlinn K48 *Wiltz – Heiderscheid – Ettelbruck – Ackerbauschoul* agefouert ginn (Avis RGTR 2022/209 vum 23.11.2022).

All des Informatiounen fannt dir op mobiliteit.lu

Lëtzebuerg, den 3. Januar 2023.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch